



2) modification du Code de la sécurité sociale;
3) modification de la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire;
4) modification de la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien;
5) modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la valorisation de certaines professions de santé

Dépôt: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale, le 14.03.2013

6555 - *Projet de loi portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe*

Dépôt: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale, M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, le 14.03.2013

6556 - *Projet de loi portant modification - de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»)*

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 15.03.2013

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6546 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi communale du 13 décembre 1988

6553 - Proposition de loi visant à modifier

1. l'article 126 1. du texte coordonné de la loi électorale du 18 février 2003

et

2. l'article 10 de la loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

Déclarations de recevabilité

An hirer Réunioun vum 14. März huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositions de loi ausgeschwat. Et handelt sech éischstens ëm d'Proposition de loi N°6546, eng Ofännerung vum Gemeengegesetz, déi vum Här Xavier Bettel a sengem eegene Numm an an deem vum Här Jean-Pierre Klein an der Sitzung vum 27. Februar 2013 deponéiert gouf. An et handelt sech zweetens ëm d'Proposition de loi N°6553, eng Ofännerung vun der Loi électorale an dem Partiefinanzierungsgesetz, déi vum Här Jacques-Yves Henckes den 8. März 2013 deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz fir béid Propositions de loi un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 14. März huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtten hu mer fir d'Éischt eng Froestonn un d'Regierung an duerno d'Actualitéstonn vun der LSAP-Fraktioun iwwert den Audit vun der Santé au travail.

Muer de Mëtten um zwou Auer hu mer d'Interpellatioun vum Här Claude Adam iwwert d'Schülervertretungen an de Schoulen a Lycées, nom Modell 1; duerno de Projet de loi 6327 iwwert d'Titres dématérialisés, nom Basismodell; dann de Projet de loi 6437 iwwert d'Verspéidunge beim Bezuele vu kommerziellen Transaktiounen, och nom Basismodell; de Projet de loi 6418 iwwert de Casier judiciaire an den Austausch vun Informatiounen um EU-Niveau, nom Modell 1, an dann de Projet de loi 6534, en Accord mat der Schwäiz an Irland iwwert d'Koproduktioun am audiovisuelle Beräich, nom Basismodell.

Den Donneschden de Mëtten um zwou Auer hu mer de Projet de loi 6516 iwwert de Bau vun enger Nationalbibliothék um Kierchbierg, nom Modell 1, an duerno eng Orientéierungsdebatte iwwert de Wäibau, och nom Modell 1.

Ech wollt lech och nach drop hiweisen, datt proposéiert ginn ass, d'Question urgente N°2618 vum Här François Bausch iwwert d'Retmesur fir Zypern de Mëttwoch no der Interpellatioun op den Ordre du jour ze huelen.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstannen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Haut de Mëtten huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung véier Minutten Zäit, fir dorobber ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit an der Oppositioun.

Als éischt hu mer d'Fro N°217 vun der Madame Marie-Josée Frank un de Gesondheitsminister an un de Minister fir d'Sécurité sociale iwwert déi fräiwëlleg Versécherung am Kader vun der Pensiounsreform. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

5. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°217 du 19 mars 2013 de Mme Marie-Josée Frank relative à l'assurance volontaire prévue dans le cadre de la réforme de l'assurance pension, adressée à M. le Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale**

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 iwwert d'Pensiounsreform, dat mer de 5. Dezember hei an der Chamber gestëmmt hunn, ass jo den 1. Januar 2013 a Kraaft getrueden an huet eng Neierung, déi ech ausdrécklech begrëssen: D'Mammen oder Pappen, déi hir beruflech Carrière während maximal fënnf Joer ënnerbriechen, fir sech ausschliesselech ëm d'Erzéiung vun de Kanner ze këmmere, kënnen mam neie Gesetz fräiwëlleg 100 Euro de Mount abezuelen. Domat ass garantéiert, datt si während deene Jore keng Carrièresënnerbriechung hunn, a si cotiséieren op eng minimal Rent.

Meng Fro un de Minister ass: All déi, déi iwwert dës Mesure sech telefonesch informéiert hunn, kréien d'Äntwert, datt et nach net méiglech ass, eng deementspreechend Demande ze maachen, well et nach keng Ausféierungsbestimmungen zu dësem Punkt gëtt. Kann den Här Minister mir dat bestätegen a soen, wourunner datt et läit a fir wéini ee kann domat rechnen, datt déi Mammen oder Pappen, déi während deene Joren net ausser Haus schaffen, kënnen vun dëser Mesure profitéieren?

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci der Madame Frank. D'Wuert kritt elo den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Fro, déi mer et erlaabt, déi lescht Nouvellé vum Reglement der Chamber als Prioritéit, awer och de Leit dobaussen ze ginn.

Et ass richtig, wéi d'Marie-Josée Frank gesot huet, dass dat e wichtegt Element vun der Pensiounsreform ass, well et deenejénigen, déi hir Berufstätigkeit zäitweilleg ënnerbriechen, d'Méiglechkeet gëtt, zu abordabele Konditiounen eng Weiderversécherung ze maachen. Dat ass net nëmme de Fall, wann ee sech fir d'Kannererzéiung deelweis oder ganz aus dem Berufsliewe während enger gewëssener Zäit zrëckzitt. Et géllt och zum Beispill, wann een, nodeem een an d'Berufstätigkeit iwwergaangen ass, seng Berufstätigkeit ënnerbrécht, fir Studien erëm opzehuelen, an och fir aner Situatiounen.

Et ass richtig, dass et zäitlech begrenzt ass, fir net eng „Billigflaggenversécherung“ ze promouvéieren, mä fir eng Iwwergangszäit ze garantéieren, wou ee seng Rechter integral ka sécheren.

Bis elo war et scho méiglech, fir op Basis vum Mindestloun ze cotiséieren. Do sinn eng ganz Rei vu Leit, déi sech dat net konnten erlaben an dann nëmme während engem Drëttel vum Joer cotiséiert hunn. Dat huet dann och nëmme en Drëttel Versécherungszäite bruecht. Hei kann een elo fir deesewechte Montant vun 1.200 Euro ëmgerechent am Joer sech e ganz Joer garantéieren. Mä Dir hutt richtig ënnerstrach, dass et eng Iwwergangszäit ass.

Nu war de Règlement grand-ducal, deen déi genee Modalitéite soll regelen, de 15. Februar am Conseil de Gouvernement. En ass gëschter vum groussherzoglechen Haff erëmkomm, sou dass et iminent ass, dass en am Mémorial veröffentlicht gëtt, an dee Moment ginn d'Leit dann och genee informéiert, wéi se sech sollen uleeën, fir vun där doter Formule kënnen Gebrauch ze maachen.

Wéi gesot, wann der d'Fro zwee Deeg méi spéit gestallt hätt, da wär et méiglecherweis schonn

am Mémorial gewiescht. Sou wësse mer dann eng Keier eppes zwee Deeg virdrun, wéini dass et an de Mémorial kënnt.

Villmools Merci, Här President, an ech mengen, ech wär an der Zäit gewiescht.

► **M. le Président**.- Exakt! Merci, Här Minister. Mir kommen zu der nächster Fro, nämlech där vum Här Alexandre Krieps, d'N°218 un d'Erzéiungsministesch, iwwert d'Menüen an de Schoukantinnen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert!

- **Question n°218 du 18 mars 2013 de M. Alexandre Krieps relative à l'offre de menus diététiques dans les cantines scolaires, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, déi Iddi vun där Fro ass mer am Fong komm iwwert déi Onsécherheeten an der lessensketten a verschidde Gerüchter, déi elo zirkuléieren iwwer Petitiounen, notamment um Geeseknäppchen, wat d'Qualitéit an de Kantine vun de Kantinnen an der Grondschoul natierlech, an der École fondamentale, am Secondaire, mä par extension kann een och d'Foyer-scolairen uschwätzen oder d'Maison-relais, dofir sinn ech frou, dass d'Familljeministes och hei ass.

Et gëtt zwëschen de Gemengen uechter d'Land extrem Ennerscheeder an där Qualitéit. E gutt Beispill, natierlech, vun deene Problemer gëtt et an der Stad Lëtzebuerg. Wéi ëmmer sinn déi natierlech wäit vir, well se natierlech och d'Moyenen hunn.

(Interruptions)

Dir gleeft dat net, mä ech widerhuelen lech et gären: Also, d'Stad Lëtzebuerg huet eng Volonté politique, déi seet, dass se gesond an équilibréiert lessen de Kanner zerwéiert an de Kantinnen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Also, ech widerhuelen lech dat elo nach e puermol! Mä dofir huet se och eng Diététicienne agestellt, ech soen hiren Numm net, si heescht mam Virnumm Lise, an ëmmer méi Kanner hunn...

(Interruption)

Ja, soll ech et soen? Neen, ech soen et net, Här Meyers!

Ëmmer méi Kanner hu Problemer mat den Allergies alimentaires, mat den Arachiden, aner Laktos- a Glutenintoleranzen, verschidde Kanner mussen Medikamenter verofreecht kréien an der Schoul. Déi gréisste Problemer, déi d'Diététicienne huet, dat ass net mat den Instanzen, mä mat de Firmen, déi dat lesse liwweren an de Schoulen. Déi Firmen hale sech net ëmmer un d'Virgaben. Gutt geregelt ass awer um nationale Plang d'Kollaboratioun mat der Kannerklinik, wat déi zockerkrank Kanner ugeet an déi Kanner, déi neurologesch Krankheeten hunn.

An der Stad ass och ëmmer méi elo d'Tendenz, fir mat deenen neien Iddien eng Cuisine de proximité ze schafen, wou frësch gekacht gëtt a wou Nopeschfoyeren hikomme kënnen.

Meng Froen also un d'Ministes: Madame Delvaux, sidd Dir bereet, fir e Groupe de travail an d'Liewen ze ruffen, wou d'Médecine scolaire agebonne gëtt, de Ministère vun der Santé, vun der Famille, fir national Kritären ze schafe vun de Besoins alimentaires vun de Kanner en fonction vun hirem Alter? An dann, wat ee kéint och soen, dat ass, dass déi Campagne „Gesond iessen - méi bewegen“ muss e bësse beliefte ginn. A leschtlech soll d'gesond lessen net ofhängeg si vum Rächtum oder vun der Aarmut vu verschiddene Gemengen am Land.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Krieps, an d'Wuert kritt d'Madame Erzéiungsministesch.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Ech kann dem Här Krieps op déi dräi Froen „Jo!“ äntwerren.

Merci.

(Interruptions diverses)

► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Ech kommen drop zrëck!

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Merci der Madame Erzéiungsministesch. A mir kommen elo zu der Fro N°219 vum Här Roger Negri, un d'Familljeministes déi Kéier, iwwert d'betreit Wunnen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°219 du 18 mars 2013 de M. Roger Negri relative au logement encadré pour personnes âgées, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration**

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Madame Familljeministes eng Fro stellen iwwert déi zukünfteg Ausrichtung vun de Strukturen am Beräich vun der Altersversuerung. Wéi mer all wëssen, geet d'Altersmoyenne vun de Mënschen ëmmer méi an d'Luucht an den natierleche Besoin, fir esou laang wéi méiglech autonom ze bleiwen, wandelt sech mat der Zäit.

Déi eeler Leit ginn aus verständleche Grënn am léifsten eréischt an e CIPA, en Altersheim, wéi mer op Lëtzebuergesch soen, just éier se sech net méi eleng hëllef kënnen, an dat oft, wa se iwwer 80 Joer sinn. Do dertëscht sinn awer vill Leit zwësche 70 an 80 Joer, déi nach net an e CIPA goe wëllen, mä awer hiert Haus oder hir Wunneng net méi wëllen oder net méi kënnen an der Rei halen.

Fir dës Period, wou d'Leit awer hir voll Autonomie nach net wëllen an zugläich op verschidden Dëngschter zrëckgräife wëllen, gëtt ëmmer méi dat sougenannt „betreit Wunnen“ gefuerdert an deelweis och ugebueden.

Dofir wollt ech froen: Wéi gesäit d'Strategie vun der Regierung aus, fir dem verstärkte Besoin vum betreite Wunnen nozokommen, d'Projete vum Stat selwer oder fir d'Gemengen entsprechend ze subventionéieren?

An dann, Madame Ministesch, wann Der erlaabt, wollt ech nach eng aner Fro am Kader vun der Altersversuerung stellen, déi op déi erschreckend Biller aus der däitscher Televisioun vun eppes méi wéi virun engem Mount zrëckgeet, wou eeler Leit aus Altersheemer an Hospicen, déi komplett op Hëllef ugewise sinn, zimlech rau behandelt, jo, effektiv maltraitéiert ginn.

Wann een och dovun ausgeet, dass dat op Lëtzebuerg net ze iwwerdreien ass, esou interpelléiert een dat awer, an dofir wollt ech d'Familljeministes froen, ob esou eventuell Mësstänn kontrolléiert ginn duerch zum Beispill Auditen, wou béid Partner gehéiert ginn, fir d'Dignitéit vun den eelere Leit respektéiert ze wëssen. Hei wollt ech d'Fro opwerfen, ob et net Sënn géif maachen, en Ombudsmann fir d'Rechter vun eelere Leit ze schafen, sënngemeiss wéi den Ombudsmann fir d'Rechter vum Kand.

Ech soen lech Merci fir Är Äntwert.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Negri, an d'Wuert kritt d'Familljeministes, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, ech wëll dem Här Negri Merci soe fir seng zwou Froen, déi eigentlech allen zwou géife méi wéi dräi Minutten hei froen, fir drop ze äntworten.

Logement encadré ass eppes, wat mer probéieren am Land auszebreen, wou mer awer gesinn, datt dat eppes ass, wat an anere Länner besser funktionéiert wéi zu Lëtzebuerg, well d'Lëtzeburger eeler Leit - mir hu Gott sei Dank keng Altersarmut zu Lëtzebuerg! - net gären hunn, wa se net an hirem Eegene sinn, mä wa se mussen loune goen. A vun dohier ass et méi komplizéiert fir eis Leit, fir ze akzeptéieren, datt se dann op eemol sollen en Appartement lounen. Wat dann awer ëmmer alles komplizéiert, dat ass, wann een da seet: „Dir musst dat dann erëm duerno an der Ierfschaft...“, wann dann déi eeler Persoun net méi do ass, „...da musst Der dat viruginn un en aneren.“

Dat ass also ee vun de Problemer, déi mer hunn, an dee féiert derzou, datt d'Demande muer grouss ass, wéi se bis elo ass. Ech wëll just soen, mir hu ganz rezent eng Demande kritt aus der Gemeng Kielen fir och esou „betreutes Wohnen“, vun engem Privatanbieter. Dat ass also net wäit ewech aus der Gemeng Mamer, wou den Här Negri hierkënn, fir och ze kucken, wann dat méiglech ass, datt een also och Angeboter, wéi gesot, fënn.

Mä ech recommandéieren am groussen Ganzen net de Gemengen, datt se op dee Wee solle goen, well ech gesinn, datt et net déi grouss Demande ass an dëser Zäit, vun deenen eelere Leit, déi elo do sinn. A wann ech dat alles esou soen, dann ass dat, fir ze weisen, datt dat méiglecherweis an der Zukunft eng Keier aneschters gëtt, mä an dësem Moment sécher net dat ass, wat de groussen Renner ass a wat am meeschte géif gefrot ginn.